Sinn eis Noutfalldéngschter dorobber virbereet? Jo, si sinn dorobber virbereet. Si si besonnesch dorobber virbereet, wann do Chocs anaphylactiques kommen. Där waren der an der Lescht net ganz vill. Mir hate fënnef Hospitalisatiounen an der Moyenne pro Joer opgrond vun Insektestéch. Et ass dann net ëmmer gewosst, wéi en Insekt dat ass, well d'Leit bréngen d'Insekt jo net mat. Se kënne just soen: „Et war eng Bei", oder „et war eng Harespel", oder „et ware vill Harespelen." Dat wësse se net ëmmer. Mee mir haten an der Moyenne ee bis zwee Schocken am Joer.

Eis Noutfalldéngschter sinn alleguerten drop virbereet, souwuel d'Generaliste wéi d'Maison-médicalle wéi d'Urgencen an de Spideeler. A jee nodeem, wéi schlëmm et ass, muss een natierlech eventuell eng Ambulanz ruffen. A wéi mer héieren hunn, ass de CGDIS och an deem Aarbechtsgrupp mat dran. D'Santé ass och an deem Aarbechtsgrupp mat dran.

Wa spezifesch Kommunikatioune musse rausgoen, da wäerte mir dat och maachen. Mir hu lo keng Augmentatioun vu Stéch iwwert déi lescht Jore gesinn. Mir hunn natierlech traditionell de Juni, Juli, August ëmmer vill Urgencefäll wéinst Stéch, mee mer hunn elo keng spezifesch Augmentatioun gesinn. A meng Leit soe mer och: D'Gëft vun där doter Zort Insekt ass net méi gëfteg wéi anert Gëft, mee si stécht heiansdo méi séier a gären zwee-, dräimol. Voilà!

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch. Vu datt den Här Bauler am Fong keng Zäit méi iwwereg huet, ginn ech dovunner aus, datt en och keng Zousazfro huet.

*(Assentiment)*

Perfekt, dann hu mer dëse Punkt ofgeschloss.

## 13. 8300 – Projet de loi relative à la santé animale et aux contrôles officiels et autres activités officielles concernant les maladies animales transmissibles

## 8631 – Projet de loi modifiant la loi du 8 septembre 2022 portant création de l'Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar de Projet-de-loien 8300 an 8631 iwwert d'Gesondheet vun den Déieren. Déi gemeinsam Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An deemno huet de Rapporter 10 Minutten, déi eenzel Sensibilitéiten a Fraktioune 5 Minutten an d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, den Här Luc Emering, d'Madamm Claire Delcourt, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporter vum Projet de loi, den honorabelen Här Jeff Boonen. Här Boonen, Dir hutt d'Wuert.

***Rapports de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture***

**M. Jeff Boonen** (CSV), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn d'Éier, de Rapport iwwert de Projet de loi Nummer 8300 virzestellen, deen d'Déieregesondheet an d'offiziell Kontrollen am Beräich vun den iwwerdrobaren Déierekrankheete reegelt.

De Projet de loi huet als Haaptzil d'Ëmsetzung vum europäesche Reglement 2016/429, der sougenannter Animal Health Law. Dësen Text setzt de Kader fir d'Preventioun, d'Iwwerwaachung an d'Bekämpfung vun iwwerdrobaren Déierekrankheeten a leet d'Responsabilitéit vun de verschiddenen Acteure fest.

Zousätzlech setzt de Projet och Bestëmmunge vum europäesche Reglement 999/2001 iwwer iwwerdrobar spongiform Enzephalopathien – do kann een als Beispill BSE nennen – a vum Reglement 2017/625 iwwert d'offiziell Kontrollen am Beräich vun der Liewensmëttel- an der Déieregesondheetsgesetzgeebung ëm.

*(M. André Bauler prend la présidence.)*

Um nationale Plang definéiert déi zukünfteg Gesetzgeebung d'Reegele fir d'Duerchféierung vun den offizielle Kontrollen an aneren Aktivitéiten, déi zum Zil hunn, d'Iwwerdroung vun Déierekrankheete souwuel tëschent Déiere wéi och vum Déier op de Mënsch ze verhënneren an ze bekämpfen. D'Gesetz gëllt fir Véi, Hausdéieren, wëll Déieren, awer och Keimplasma, déieresch Produkter, Déierennieweproduiten, Installatiounen, Transportmëttel an Ekipementer souwéi fir all aner Elementer, déi zur Verbreedung vun Déierekrankheete bäidroe kënnen.

D'Kontrolle leien an der Verantwortung vun der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire, der ALVA, déi duerch d'Gesetz vum 8. September 2022 geschaf gouf, ënnert der Zoustännegkeet vum Landwirtschaftsministère. D'Agente vun der ALVA féiere preventiv a routinneméisseg Kontrollen duerch, si hunn de Statutt vun engem Officier de police judiciaire a mussen eng speziell Formatioun maachen, déi och am Gesetz definéiert ass. Am Fall, wou si Schwieregkeeten hunn, hir Aarbecht ze maachen, kënne si op d'Force publique zréckgräifen.

Nieft de Kontrollen huet d'ALVA och d'Missioun, Iwwerwaachungs- an Eradikatiounsprogrammer opzestellen, fir d'Déierekrankheete systematesch ze bekämpfen an hir Verbreedung ze limitéieren. Am Fall vu gravéierende Verstéiss kann d'ALVA Noutmoossnamen huelen, wéi zum Beispill d'Isolatioun oder d'provisoresch Schléissung vum Betrib. Dës Mesüre musse bannent 48 Stonne vum zoustännege Minister confirméiert ginn a kënne fir maximal 30 Deeg verlängert ginn, mat der Méiglechkeet vun zwou Erneierungen.

De Projet gesäit administrativ Moossname vir, wann d'Bestëmmunge vum Gesetz net agehale ginn. De Minister kann eng Frist setzen, fir d'Conformitéit hierzestellen, an am Fall, wou de Betraffene sech net en règle setzt, kënnen d'Autorisatioune suspendéiert oder entzunn, respektiv Betriber ganz oder deelweis zougemaach ginn. Zousätzlech sinn administrativ Geldstrofe vun 100 bis 30.000 Euro virgesinn. Um penale Plang gesäit de Projet Geldstrofen a Prisongsstrofe vir, déi jee no Gravitéit vun der Infraktioun kënne variéieren. Am Fall vun enger Recidive oder Fraude kënne Strofe bis zum Duebelen erhéicht ginn. Fir kleng Infraktioune gëtt den Avertissement taxé als zousätzlecht Instrument agefouert.

Et ass ze betounen, dass d'Gesetz déi aktuell Gesetzgeebung aus dem Joer 1912 ofléist, déi net méi den europäeschen an nationale Realitéite gerecht gëtt. Et bleift och nach ze soen, dass de Projet de loi 8300 ee vun enger ganzer Rei vun Texter ass, mat deenen d'Kontrollen an der Landwirtschaft nei gereegelt ginn. An deem Kader huet och d'Basisgesetz vun der ALVA missen adaptéiert ginn, dat mir och haut stëmmen an op dat ech duerno nach am Detail aginn.

De Projet de loi gouf de 24. August 2023 an der Chamber deposéiert. De 24. November ass de Projet un eis Kommissioun verwise ginn, fir am Detail analyséiert ze ginn. Bei eiser Reunioun vum 22. Februar 2024 ass d'Kommissioun zu enger éischter Presentatioun vum Text iwwergaangen, a bei där Geleeënheet hunn ech d'Vertraue kritt, fir d'Roll vum Rapporter ze iwwerhuelen.

Am Laf vu weidere Berodunge gouf de Projet duerch eng Rei vu gouvernementalen Amendementer ergänzt, déi den 23. Oktober d'lescht Joer an der Kommissioun presentéiert goufen. No der Analys vum Avis complémentaire vum Conseil d'État an de Stellungname vun de consultativen Institutiounen huet d'Kommissioun de Rapport de 6. Februar, d'lescht Woch, ugeholl.

Nieft den zwee Avise vum Staatsrot sinn nach véier aner Avisen agereecht ginn. Zum Avis vum Staatsrot: De Conseil d'État huet a sengem éischten Avis vum 25. Juni 2024 eng Rei formell Oppositiounen erhuewen, virun allem aus juristescher a legistescher Siicht. Dës hunn zu weesentleche Prezisiounen am Text geféiert, notamment wat d'Zoustännegkeet vum Minister an der ALVA ugeet, d'Recoursfristen an d'Fro vun de Sanctiounen am Sënn vum Prinzipp „non bis in idem".

Am Avis complémentaire vum 20. Januar 2026 konnt de Conseil d'État dës Oppositiounen gréisstendeels ophiewen. Eng lescht Upassung betreffend d'Sanctionéierung vum Netbezuele vun Taxe gouf vun der Kommissioun ugeholl.

D'Landwirtschaftskummer huet hiren Avis de 25. November 2024 eraginn. D'Kummer huet de Projet am grousse Ganze begréisst, gläichzäiteg awer op déi praktesch Erausfuerderungen higewisen, notamment bei den Noutmoossnamen, bei der Transparenz vun de Kontrollen a beim Festleeë vun den Taxen.

Dës Bedenke sinn an d'Amendementer agefloss, souwäit et am Kader vum europäesche Recht méiglech war. An hirem zweeten Avis vum 6. Februar weist d'Landwirtschaftskummer sech zefridden, datt déi meescht vun hiren Doleancë berücksichtegt goufen. D'Kummer ass awer weiderhin net zefridden, wat d'Definitioun vun den Infraktiounen ugeet.

De Collège vétérinaire huet säin Avis de 26. September 2023 ofginn. Observatiounen huet hien net formuléiert.

D'Chambre de Commerce ënnerstëtzt de Projet de loi am grousse Ganzen a begréisst besonnesch d'Zil, d'offiziell Kontrollen an der Zoustännegkeet vun der ALVA iwwert déi verschidde sektoriell Gesetzgeebungen eraus ze harmoniséieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 8300 stellt e wichtege Schratt duer, fir d'Déieregesondheet zu Lëtzebuerg op en zäitgeméisst, kohärent an europäesch konformt Fundament ze stellen. Hie stäerkt d'Preventioun, kläert d'Responsabilitéiten an dréit zur Sécherheet vun der ëffentlecher Gesondheet bäi.

Sou, da géif ech zum zweete Projet de loi kommen, deen och heimat verbonnen ass. Dat ass de Projet de loi 8631, an deen ass enk mat dësem Projet verknäppt.

Dëse Projet huet als Haaptzil, d'Gesetz vum 8. September 2022 iwwert d'Schafung vun der ALVA, der Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire, ze änneren. Dës Upassung steet am direkte Kontext mat verschiddenen Avisen, déi de Conseil d'État am Kader vu méi grousse gesetzleche Reformen am Beräich vun den offizielle Kontrollen ofginn huet, notamment am Zesummenhang mat Kontrolle vu Liewensmëttel, Déierefudder an der Déieregesondheet.

An dësen Avisen huet de Conseil d'État eng Observatioun vun horizontaler Bedeitung formuléiert: D'Ofgrenzung vun den Zoustännegkeeten tëschent der ALVA an dem zoustännege Minister ass an deene verschiddene Gesetzestexter net ëmmer kloer genuch. Dëst kéint zu Onsécherheete bei der praktescher Ausübung vun administrative Kompetenze féieren.

De Projet de loi ziilt dofir dorop of, dës Onkloerheeten ze behiewen, andeems d'Attributioune vun der ALVA an déi vum Minister méi prezis definéiert ginn. Konkreet geschitt dat duerch eng Upassung vum Artikel 2 vum Gesetz vum 8. September 2022.

De Projet de loi gesäit och vir, d'Missioune vun der ALVA ëm eng nei Aufgab ze erweideren. Et geet ëm d'Ëmsetzung vu bestëmmten administrativen Aufgaben, déi aus dem Reglement (EU) 2023/1115 ervirginn. Dëst europäescht Reglement reegelt ënner anerem den Import vu bestëmmte Produiten, déi a Verbindung mat der Deforestatioun an der Degradatioun vun de Bëscher stinn. D'Zouweisung vun dëse Missiounen un d'ALVA entsprécht der Logik, dës technesch a spezialiséiert Aufgaben enger kompetenter Fachadministratioun unzevertrauen.

Dëse Projet de loi gouf de 6. Oktober 2025 vun der Landwirtschaftsministesch an der Chamber deposéiert. Den 9. Oktober ass de Projet an d'Agrarkommissioun gaangen. Bei der Reunioun, déi den nämmlechten Dag stattfonnt huet, ass de Projet de loi virgestallt ginn an d'Kommissioun huet mech zum Rapporter ernannt. Den Avis vum Conseil d'État ass den 20. Januar 2026 agereecht ginn an den Avis vun der Chambre des Métiers ass der Chamber den 30. Januar zoukomme gelooss ginn. D'Kommissioun huet dës Avisen an hirer Reunioun vum 5. Februar, d'lescht Woch, analyséiert a konnt de Rapport de 6. Februar unhuelen.

De Conseil d'État huet a sengem Avis ervirgehuewen, datt déi Upassung vum Basisgesetz zu enger méi klorer Opdeelung vun de Kompetenzen zwëschent ALVA a Ministère féiert. Dat ass d'ailleurs e Problem, dee mer an Zukunft méi dacks wäerte begéinen, wa mer d'Kontrollgesetzer vun der Landwirtschaft upassen. Ech kommen a menger Ried elo gläich nach dorop zréck.

D'Chambre des Métiers huet den Text an hirem Avis vum 30. Januar am Kontext vun de méi breede Reformen am Beräich vun den offizielle Kontrollen analyséiert. Si deelt d'Feststellung, datt eng kloer Ofgrenzung zwëschent den Zoustännegkeete vun der ALVA an dem Minister essenziell ass, fir d'Rechtssécherheet ze garantéieren an eng effizient administrativ Praxis ze erméiglechen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 8631 ass eng wichteg Etapp an der weiderer Strukturéierung vun de Kompetenzen am Beräich vun den offizielle Kontrollen. Hien dréit zur Rechtskloerheet, zur legislativer Kohärenz an zu enger méi effizienter administrativer Organisatioun bäi.

Ech géif dann elo meng CSV-Kap undinn, fir nach kuerz zu dësen zwee Projete Stellung ze huelen.

***Discussion générale***

Här President, mir schwätzen haut iwwer e Gesetzestext, deen op den éischte Bléck technesch a komplizéiert wierkt, deen awer an der Realitéit en zentrale Pilier fir eis Gesellschaft duerstellt: de Schutz vun der ëffentlecher Gesondheet, d'Liewensmëttelsécherheet, d'Déieregesondheet an domat och d'wirtschaftlech Stabilitéit vun eisem landwirtschaftleche Secteur.

E weidere wichtege Punkt ass d'Déierewuel. Gutt Haltungsbedéngungen, preventiv Gesondheetsmoossnamen an eng verantwortungsvoll Zuucht reduzéieren net nëmmen d'Leed vun den Déieren, mee och d'Risike vu Krankheetsausbréch.

Firwat ass dat esou wichteg? Well Déierekrankheeten net nëmmen en Impakt op Déieren hunn, si betreffen och direkt de Mënsch: Zoonosen, also Krankheeten, déi vum Déier op de Mënsch iwwerdroe kënne ginn, kënnen ënner Ëmstänn eng reell Gefor fir d'ëffentlech Gesondheet duerstellen. Gläichzäiteg hunn Déierekrankheeten e groussen Afloss op d'Liewensmëttelsécherheet an op d'Vertraue vun de Konsumenten a Konsumentinnen an eis Produiten.

Dobäi komme substanziell wirtschaftlech Käschten. Ausbréch vu Krankheete kënnen d'Produktioun ënnerbriechen, den Handel aschränken, Exporter blockéieren a ganz Betriber a Gefor bréngen. Net ze vergiessen och d'Käschten, déi duerch Noutmoossnamen entstinn, wéi d'Keulung vun Déieren oder groussflächeg Restriktiounen. Dëst neit Gesetz setzt genee do un. Et wëll virbeugen, fréi erkennen a séier a proportionéiert reagéieren.

Wéi wichteg an aktuell dat Gesetz ass, Här President, gesi mir, wa mir ronderëm eis kucken. Net méi spéit wéi d'lescht Woch gouf erëm e Fall vu Vullegripp zu Schenge gemellt.

Doniewent hate mir an de leschten zwee Joer hei zu Lëtzebuerg mat der Blozongekränkt ze kämpfen. Am Laf vum Summer/Hierscht 2024 goufen iwwer 1.300 Déieren infizéiert. D'ALVA huet doropshin eng Impfcampagne gestart. Zwar ass d'Blozongekränkt fir de Mënsch net geféierlech, mee fir d'Bauere féiert se deels zu staarke Verloschter bei der Produktioun, zemools wat d'Mëllechleeschtung an d'Fruchtbarkeet ugeet.

E Bléck an d'Ausland stëmmt och net grad optimistesch. Vum Süden hier kënnt d'Lumpy Skin Disease ëmmer méi no bei eis. Gëtt e Fall vun dëser héich ustiechender Krankheet entdeckt, muss de ganze Bestand gekeult ginn. A Südfrankräich sinn d'Bauere jo bekanntlech op d'Strooss gaangen, well hir Existenz um Spill steet.

All dës Beispiller beweisen, wéi wichteg et ass, d'Déierekränkten op eng effikass Aart a Weis ze bekämpfen, an dat op europäeschem Plang, well d'Déierekrankheete maachen net op der Grenz halt.

Déi nei Legislatioun am Beräich vun der Déieregesondheet steet net isoléiert do. Si baséiert op engem kloer definéierte Kader op europäeschem Niveau, nämlech dem Reglement (EU) 2016/429. Wat dëst Reglement besonnesch staark mécht, ass säin eenheetlechen, vereinfachten an transparente Kader. Et definéiert Ziler, Prinzippien a Responsabilitéiten.

Um nationale Plang setzt de virleiende Gesetzesprojet dës europäesch Bestëmmungen ëm. Hien ersetzt eng Gesetzgeebung, déi an hiren Urspréng bis an d'Joer 1912 zréckgeet an den haitege Realitéiten net méi entsprécht. Dat neit Gesetz deckt dobäi de ganze Spektrum of vun den Ziler iwwert d'Kontrollen, d'Notifikatiounen, d'Programmer, d'Registréierung, d'Zouloossunge vun den Acteure bis hin zu den administrative Moossnamen.

D'ALVA spillt heibäi eng zentral Roll. Dofir huet och d'Basisgesetz aus dem Joer 2022 missen ugepasst ginn. An dat ass de Projet de loi 8631, den zweete Rapport, deen ech gemaach hunn. D'Responsabilitéiten tëschent Verwaltung a Minister hu musse kloer definéiert ginn. Doniewent kritt d'ALVA mam neie Gesetz weider Missiounen. Si kontrolléiert vun elo un och, ob d'Krittäre vun dem sougenannten Deforestatiounsreglement agehale ginn.

D'Responsabilitéitsverdeelung ass zwar per se gutt, mee weist awer och op e Problem hin, dee mer an Zukunft nach méi dacks wäerte kréien. De Staatsrot ass nämlech der Meenung, datt nei Missiounen net nëmmen am jeeweilege Kontrollgesetz mussen ageschriwwe ginn, mee och an dem Basistext vun der Verwaltung. Konkreet heescht dat, datt mer allkéiers och mussen d'Gesetz vun 2022 an deem hei Fall op de Leescht huelen, wann eng nei Missioun derbäikënnt. Dat mécht eis d'Saach definitiv net méi einfach.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz ass e Gesetz vun der Preventioun, vun der Responsabilitéit a vun der Visioun. Et schützt d'Gesondheet vun de Biergerinnen a Bierger, et stäerkt d'Déierewuel an et séchert eis landwirtschaftlech Produktiounen a reduzéiert wirtschaftlech Risiken. Gläichzäiteg verankert et Lëtzebuerg fest an engem kohärenten europäesche Kader, dee Sécherheet an Nohaltegkeet an de Mëttelpunkt stellt.

Heimat ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun fir dëse Projet.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Boonen. An als zweete Riedner ass den honorabelen Här Luc Emering agedroen. Här Emering, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Emering** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen dem Här Boonen Merci fir deen ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wéi et gesot ginn ass, ass d'Haaptzil vun dësem Projet, datt mer eis op EU-Niveau eng preventiv Approche gi bei der Bekämpfung vun Déierekrankheeten.

Et geet hei zwar net ëm Runne wéi virdru beim Här Bauler, mee och bei de Kränkten ass et esou, wéi den Här Boonen gesot huet, dass déi op ganz verschiddene Weeër zu Lëtzebuerg ukommen. Oft mengt een, dass esou eng Krankheet nach wäit ewech ass an eis net direkt betrëfft, mee op eemol ass se da ganz séier do, duerch de weltwäiten Handel, duerch Déierentransporter a sou weider.

Ech denken hei zum Beispill un d'Blozong, déi iwwer Insekten, iwwer eng Méck iwwerdroe gëtt, oder méi rezent och un d'Vullegripp, déi an éischter Linn iwwert d'Zuchvullen erëm op Lëtzebuerg kënnt an och ëmmer erëm wäert kommen.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass praktesch alleguer d'Kränkten, déi eisem Véibestand schuede kënnen, an iergendenger Aart a Weis vu baussen erakommen a sech hei manifestéieren. Fir dëst ze vermeiden, ass et dofir ëmsou méi wichteg, dass regiounen- a länneriwwergräifend zesummegeschafft gëtt. Dat spillt och bei der Liewensmëttelsécherheet eng ganz wichteg Roll an och bei der Gesondheet vum Consommateur.

Ganz am Sënn vu One Health musse mer als europäesch Gemeinschaft zesummen un engem Strang zéien. Fir eng ganz Produktiounslinn solle kohärent Reegelen a Standarde gëlle fir jiddereen, soudatt bei all Etapp vum Bauer bis zur Vermaartung ka séchergestallt ginn, datt déi néideg Krittären erfëllt sinn an d'Produite sécher an net schiedlech fir de Konsument sinn.

Wat d'Kontrolle bei de Betriber an och déi administrativ Chargë fir d'Baueren ugeet, krute mer an der Kommissioun gesot, datt d'Bauere sech hei op keng gréisser Verännerunge missen astellen, dat, well e gudden Deel vun de Mesüre souwisou schonn hei am Land zënter Längerem applizéiert gëtt. Mir begréissen dat ausdrécklech, well eis Baueren net nach zousätzlech mat administrativen Hürde solle belaascht ginn.

Wichteg ass och: Amplaz vu ganz ville verschiddenen Texter, gëtt et an Zukunft een eenzege koordinéierten Text. Domat suergt dëse Projet gläichzäiteg fir méi Transparenz, Previsibilitéit a Kloerheet.

Nach e Wuert zur ALVA. Mir si frou, datt d'Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung heimat weider Responsabilitéite kritt, déi sech perfekt an hir Missioune matareien. D'ALVA huet déi néideg Kompetenzen, fir

dës zousätzlech Aufgab ze erfëllen, a kritt och elo déi néideg Rechter, fir bei Situatiounen, wou esou eng Anomalie festgestallt gëtt, séier reagéieren ze kënnen.

Här President, ofschléissend wëll ech nach soen, dass am Kontext vun de grousse Handelsaccorden, déi d'EU grad jo amgaangen ass, mat enger Rei Partner ze maachen, et wichteg ass, dass mer genau dat heiten applizéieren, dass mer eis hei an Europa en eenheetleche Kader a qualitativ Standarde ginn, engersäits, fir d'Déierekrankheete kollektiv an effikass ze bekämpfen, anerersäits och, fir d'Qualitéit vun eisen Exporter ze garantéieren, awer och d'Importer ze kontrolléieren.

Dëst gesot, ginn ech heimat den Accord vu menger Fraktioun fir dëse wichtege Projet. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci Iech, Här Emering. An als nächst agedroe Riednerin ass déi honorabel Madamm Claire Delcourt virgesinn. Madamm Delcourt, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen haut iwwer zwee Projet-de-loien, déi vläicht net déi grouss politesch Schlagzeile maachen, déi awer e ganz wichtegen Impakt hunn: de Projet de loi 8300, dee vun der viregter Regierung deponéiert gouf an deen en Impakt huet op d'Gesondheet vun eisen Déieren – dat hu mer elo e puermol schonn héieren –, op d'Landwirtschaft, op d'Liewensmëttelsécherheet an och op déi ëffentlech Gesondheet, an de Projet de loi 8631, doriwwer hu mer och elo grad geschwat, deen d'Gesetz iwwert d'ALVA upasst.

Dës zwee Texter gehéieren zesummen, well si dréie sech alle béid ëm eng zentral Fro, déi fir de Rechtsstaat, fir d'Administratioun an och fir d'Operateurinnen an d'Operateuren um Terrain essentiel ass: Wien ass woufir zoustänneg a wéi kloer ass dat am Gesetz festgehalen?

Et muss een hei kuerz ervirhiewen, datt de Projet de loi 8300 eng Gesetzgeebung ersetzt, déi iwwer 100 Joer al ass, eng Gesetzgeebung, déi esou allgemeng formuléiert war, datt se zwar laang konnt iwwerliewen, déi awer net méi de Realitéite vun haut entspriécht, besonnesch, wann et ëm Kontrollen, Kompetenzen a Sanktioune geet.

Mee grad well dëse Projet nei Kompetenzen, nei Kontrollen an nei Sanktiounen aféiert, war et wichteg, ganz genee op d'Roll vum Ministère an op d'Roll vun der ALVA ze kucken. An do muss ee soen: An de fréiere Versioune vum Text war dës Opdeelung net ëmmer kloer. An hei kënnt de Projet de loi 8631 an d'Spill. A mat dësem zweete Projet gëtt d'Gesetz, dat d'ALVA geschaf huet, ugepasst, fir genee dës Onkloerheeten ze behiewen.

D'Kompetenze ginn nei definéiert, d'Roll vun der ALVA gëtt méi prezis beschriwwen an d'Relatioun tëschent Administratioun a Ministère gëtt méi liesbar gemaach. Mir gesinn also dës zwee Projet-de-loien als richteg an noutwendeg un an droen dës Projet-deloie mat.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Delcourt. An als nächst Riednerin ass d'Madamm Alexandra Schoos agedroen. Madamm Schoos, dann hutt Dir d'Wuert.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Jo, villmools merci. Ech schwätze vun hei aus. Et ass scho vill gesot ginn. Jo, elo déi kloer Differenz zwëschent eng Kéier dem Ministère an der ALVA an d'Klärung vun der Hierarchie am Fong, mengen ech, si ganz wichteg. Mir mussen herno kucken, dass och d'Sanktiounen zwar um Terrain dann duerchgezu kënne ginn an dass och de Ministère am Noutfall schnell kann handelen. Mee ech sinn do zouversiichtlech.

Déi Kontrollen, déi elo bäikomm si bei der ALVA, sief et bei Liewensmëttel awer och am Kader vun der Deforestatioun, an och wa mer elo un d'Mercosur-Ofkommes denken, an awer och, wa mer un Déiereschutz denken, Déierentransporter op der Autobunn, déi elo besser kënne kontrolléiert ginn, begréisse mir natierlech och.

Ech wollt do awer eng Kéier nofroen: Wéi ass mat der Ëmsetzbarkeet? Wéi ass mat der Manpower bei der ALVA? Ass dat am Budget virgesinn? Kann dat schnell geléist ginn, wa mer net genuch Leit hunn?

An da musse mer awer och oppassen: Wann d'ALVA elo, wann ech dat dierf soen – tëschent Anfürungszeechen –, méi „Muecht" kritt, wat d'Kontrolle betrëfft, ass et awer och ganz wichteg, dass déi Kontrolle proportional, juristesch ofgeséchert an och fir d'Betriber transparent sinn, fir dass d'Betriber och genau wëssen, wat do op si duerkënnt. An et ass virdru scho gesot ginn: dat Ganzt natierlech ëmmer en vue vun der Déieregesondheet, awer och vun eisem Konsumenteschutz an de Liewensmëttel bei eise Konsumenten, wat immens wichteg ass.

An domadder géif ech och menger Fraktioun proposéieren, dës zwee Projete matzedroen. Villmools merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Schoos. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Joëlle Welfring agedroen. Madamm Welfring, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, Här President. Jo, och dem Rapporteur merci fir säi Rapport, säin ausféierleche Rapport. Ech mengen, et ass villes gesot ginn. Och mir sinn der Meenung, dass dat heiten zwee Texter sinn, déi wichteg sinn, well effektiv transmissibel Krankheeten, déi op de Mënsch iwwerdrobar ginn, am Virmarsch sinn. Mir mussen eis hei och engem europäesche Kader upassen. Dat heite setzt deen ëm. Dofir géif ech menger Sensibilitéit proposéieren, deen heiten Text matzestëmmen.

Et ass natierlech kloer, dass déi Aart a Weis, wéi mer elo eis Loi-organiquë vun den eenzele Verwaltunge mussen ëmmer erweidere mat neien Texter, sécher keng Simplification législative ass. Dat wollt ech hei nach eng Kéier ënnersträichen. Dofir musse mer eis och, mengen ech, als Haus heiriwwer Gedanke maachen, wéi een an Zukunft soll heimadder ëmgoen. Voilà!

Merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci Iech, Madamm Welfring. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen agedroen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Dat heiten ass natierlech e Projet, deen eis ganz gutt gefält, well et och vill ëm Déiereschutz geet. An ech mierke jo, dass dëser Ministesch den Déiereschutz immens um Häerz läit an dass et och do an déi richteg Richtung geet.

Et ass natierlech gutt, wann d'Déierentransporter elo wäerte méi kontrolléiert ginn. Dat war an der leschter Regierungsperiod oft eng Kritick, déi mer haten, virun allem wann déi immens laang Trajete gemaach goufe queer duerch Europa an zu Lëtzebuerg dann awer heiansdo duerch d'Fangere gekuckt ginn ass, wa se grad wéinst dem Tanktourismus heihinnerkomm sinn. A wann do nei Kontrolle kënne stattfannen, ass dat natierlech dat Richtegt.

An et muss een natierlech soen: Déi meescht Krankheete kënne just duerch eng Massendéierenhaltung entstoen an duerch eng schlecht Qualitéit, ënnert deenen d'Déieren herno nëmme wäerte leiden. Dofir kënne mir nëmmen all Mesür ënnerstëtzen, déi dës Ministesch hëlt fir méi Déierewuel.

Merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Landwirtschaftsminister Martine Hansen.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Martine Hansen,** Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | Villmools merci, Här President. Also an den Detail vum Gesetz brauch ech net méi anzegoen. De Rapporter huet dat exzellent gemaach. Wichteg ass, datt mer een neie legale Kader kréien, och ee klore Kader.

Wéi gesot, dat Gesetz vun elo ass vun 1912. Stellt Iech dat emol vir! Ech weess net, ob mer der nach vill hu vun 1912, déi nach a Kraaft sinn. An ech ginn dovunner aus, datt, och wann dëst Gesetz elo ganz prezis ass an och een ëmfangräiche Kader bitt, et sécherlech keng 100 Joer wäert gülteg sinn, mee datt mer et a reegelméissegen Ofstänn no neie wëssenschaftlechen Erkenntnisser mussen upassen.

Ech wëll der Chamber e ganz, ganz grousse Merci soe fir déi grouss Zoustëmmung, well et ass, an där Zäit wou mer elo sinn, extreem wichteg, datt mer d'Gesetz och gestëmmt kréien.

Dir wësst – ech mengen, de Rapporter, de Jeff Boonen, war drop agaang –, datt déi sanitär Situatioun an eisen Nopeschlänner ronderëm zimmlech ugespaant ass. Mir hunn a Frankräich d'Lumpy Skin Disease nach gehat. Holz upaken: Vum 5. Januar un ass kee Fall méi do. Hoffe mer, datt et roueg bleift!

Mir hunn d'IBR (ndlr: Infectious Bovine Rhinotracheitis) an der Belsch, dat ass do un der Grenz. A mer hunn d'Schwéngspescht an Däitschland. Vun der Vullegripp hate mer elo ee Fall hei. Ronderëm 100 Kilomeeter am Ëmkrees hu mer also Krankheeten, déi riskéieren, awer iergendwann eng Kéier bei eis eriwwerzesprangen.

Mir hoffen, datt mer se definitiv net kréien. Do wëlle mer keng Schlagzeilen hunn. Ech mengen, d'Madamm Delcourt hat gesot, d'Gesetz wär net fir Schlagzeilen do. Mee ech wëll och hei keng kréien – beim beschte Wëllen net!

Mir maache fir d'Preventioun alles. Mir hunn den IBR-Programm, mir hunn de Schwéngspescht-Aktiounsplang, dee mer och zesumme mam Environnement maachen. Mir haten elo eng éischt Informatiounsversammlung iwwer LSD mat Bauerevertrieder, mir wäerten nach eng grouss, oder d'Landwirtschaftskammer wäert nach eng gréisser maachen. Wéi gesot, mir hoffen, datt mer vum Ausbroch vun esou Krankheete verschount bleiwen, mee mir musse virbereet sinn, an dofir ass dëse gesetzleche Kader extreem wichteg.

Wéi gesot, et ass d'ALVA-Gesetz. D'Madamm Welfring huet et gesot: Et vereinfacht eis d'Saach net, wa mer elo fir alleguer d'nei Missiounen ëmmer erëm d'Kadergesetz mussen upassen. Mir mussen dat eeben elo maachen.

Mir hunn d'Deforestatioun elo erageholl. Aktuell ass et jo nach net a Kraaft, mee mir hunn et elo scho mol prophylaktesch erageholl, datt, soubal wéi

d'Reglement oder d'Gesetz bei eis a Kraaft trëtt, mer dann déi Kontrollen do och wäerte maachen.

D'Manpower ass gefrot ginn. Mir sinn dovunner e bëssen iwwerrascht ginn, datt mer dat mat där Deforestatioun misste maachen, a mir hunn dunn och gesot: Mir brauchen do sécherlech zousätzlech Leit, well soss gi mer net eens. Déi zousätzlech Leit krute mer och zougeschwat, dat heescht, do kréie mer dann eng Opstockung, wann dat bis leeft, ënner anerem och bei eiser ASTA, well d'ASTA mécht och do Berodung a wäert och do Saache maachen.

Wéi gesot, d'Déierentransporter, do maache mer jo d'Kooperatioun mat der Douane, an och dat funktionéiert gutt. Dat heescht, do hale mir jo net d'Camionen un, mee dat mécht d'Douane. Dat heescht, dat leeft do gutt.

Ech soen Iech hei villmools Merci. Wéi gesot, et ass fir eis een extreem wichtegt Gesetz, dat mer elo hunn, an ech hoffen, datt mer de groussen Deel vum Gesetz ni musse benotzen. Ech soen Iech villmools Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss.

Iert mer elo zum Vott kommen, wollt ech Iech drun erënneren, datt ee sech op sengem Posten alogge muss, fir kënne mat ofzestëmmen.

**Plusieurs voix** | A!

**M. André Bauler,** Président de séance | Mir hunn zwee Votten, deen een iwwert de Projet de loi 8300 an deen aneren iwwert de Projet 8631.

Mir géifen elo ufänke mam Vott iwwert de Projet de loi 8300. Den Text steet am Document parlementaire 8300[8].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8300 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Jo-Stëmmen: 59. Nee-Stëmmen: keng. Abstentioun: keng. Domat ass de Projet de loi mat 59 Stëmmen ...

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech hat technesch Problemer.

**M. André Bauler,** Président de séance | A pardon, do war en technesche Problem.

... da mat 60 Stëmmen – also kenger Nee-Stëmm a kenger Enthalung – unanimement ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

Da kéime mer zum nächste Vott. Dat ass de Vott iwwert de Projet de loi 8631. Den Text steet am Document parlementaire 8631[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8631 et dispense du second vote constitutionnel***

Mir fänke mam Vott un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass ..., dës Kéier hunn ech hei stoen: 58 Jo-Stëmmen, keng ...

*(Interruption)*

Bei Iech geet et nach ëmmer net, Madamm Tanson?

*(Interruption et hilarité)*

Da musse mer dat korrigéieren. Da sinn et 59 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. De Projet de loi ass domadder ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 14. Dépôt d'une motion par M. Gilles Baum

Ier mer zum nächste Punkt kommen, hätte mer nach den Depot vun enger Motioun, enger Motioun, déi den honorabele Kolleeg Gilles Baum wëllt deposéieren. Här Baum, dann hutt Dir d'Wuert.

***Exposé***

**M. Gilles Baum** (DP), auteur | Voilà, merci, Här President. Effektiv, et ass virdru gesot ginn, et wär en Theema, dat d'Leit ganz vill beweegt hätt déi lescht Wochen. Et ass schonn op munche Plaze kommunizéiert ginn, et ass op munche Plazen och scho fir Kloerheet gesuergt ginn. Gëschter ass eng Kommunikatioun, nach eng Kéier, vum Ministère de l'Éducation nationale, de la Jeunesse et de l'Enfance erauskomm. An domadder wëlle mer dat och eng Kéier hei an der Chamber zementéieren.

Dofir ginn ech Iech déi heite Motioun of, Här President, déi deposéiert ass net nëmmen a mengem Numm, mee och am Numm vum honorabele Ricardo Marques.

Ech soen Iech Merci, Här President.

***Motion***

*« pour une politique ambitieuse luttant contre toute forme de discrimination au sein des établissements scolaires »*

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– que l'égalité, la dignité humaine, ainsi que le respect de l'intégrité physique et mentale constituent des droits fondamentaux garantis par la Constitution et par les instruments internationaux et européens ;*

*– que la lutte contre le harcèlement, les violences et toute forme de discrimination en milieu scolaire requiert des mesures transversales, combinant prévention, accompagnement, règles de vie et amélioration des infrastructures ;*

*– que la sécurité, l'intimité et le bien-être des élèves doivent constituer des critères centraux dans la conception des infrastructures scolaires, en particulier dans les espaces sensibles tels que sanitaires, vestiaires et douches ;*

*– que, dans ces espaces, une meilleure visibilité des zones communes et une meilleure protection de l'intimité constituent des leviers concrets de prévention du harcèlement, du vandalisme et des comportements abusifs ;*

*– que le Plan d'action national LGBTQI+, présenté en juillet 2025, promeut des mesures favorisant l'inclusion, la sécurité et le respect au sein des établissements scolaires,*

*invite le Gouvernement*

*– à poursuivre et renforcer, de manière transversale, la lutte contre toute forme de harcèlement et de discrimination dans le milieu scolaire, en intégrant les dimensions de prévention, de protection et d'accompagnement ;*

*– à mettre en œuvre, sur la base de l'ébauche présentée le 9 février 2026 par le MENJE, un projet pilote de sanitaires et vestiaires inclusifs, en associant les parties prenantes (directions d'établissements, personnel éducatif et services compétents, représentants des parents, élèves) afin de garantir une mise en œuvre transparente, proportionnée, adaptée au terrain et évaluable ;*

*– à mettre en œuvre, dans la mesure du possible, dans l'ébauche présentée, des infrastructures sanitaires fondées sur les principes de prévention et de protection de l'intimité ;*

*– à maintenir la coexistence de blocs de toilettes séparés pour le sexe féminin et le sexe masculin, ainsi que des espaces inclusifs accessibles à toute personne, indépendamment de son identité de genre, en définissant la signalétique en concertation avec l'établissement ;*

*– à maintenir une organisation séparée des vestiaires et des douches tout en prévoyant, dans la mesure du possible, des cabines individuelles, afin de garantir intimité, sécurité et respect à l'ensemble des élèves.*

*(s.) Gilles Baum, Guy Arendt, Carole Hartmann, Ricardo Marques, Laurent Zeimet.*

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci.